



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit a vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°945 vum 27. Juni 2024 vun den éierewäerten Députéierten den Häre André Bauler a Luc Emering iwwert "Punaises de lit"

Iwwer wat fir Erkenntnisser verfüügt den Ëmweltministère an deem Zesammenhang? Wéi presentéiert sech d'Situatioun hei am Land?

Laut Informatiounen vum Naturmusée gëtt et ee rezenten (2024) Noweis vu Bettwanzen zu Lëtzebuerg. Déi lescht Jore goufen et keng Noweiser, dofir ass et net méiglech anzuschätzen, wéi d'Situatioun zu Lëtzebuerg grad evoluéiert. Dozou muss ee soen, datt dës Déiere, wann se net grad de Mënsch befallen, schwéier ze fanne sinn opgrond vun hirer verstoppter Liewensweis. Generell beweegen sech d'Zuelen a Westeuropa op engem déiwen Niveau, och wann d'Noweiser éischer rofginn, ewéi rofginn.

D'Bettwanze sinn zu Lëtzebuerg och net meldeflichteg. De Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet iwwerwaacht awer d'Situatioun an de Nopeschlänner, notamment no der erhéichter Unzuel vun Noweiser an de Nopeschlänner Frankräich a Belsch no der Sommervakanz 2023.

Mat wat fir Mëttel respektiv Methode ginn d'Bettwanze bekämpft? Wat fir Produiten an Instrumenter sinn do zougeloo?

Fir d'Bekämpfung vun de Bettwanzen sinn Insektizide mat der néideger Zouloossung fir de Lëtzebuurger Marché disponibel. Et sinn dës verschidde Pyrethroid-Insektiziden déi haaptsächlech fir professionell Schädlingsbekämpfung geduecht sinn, awer och Produiten op Basis vu Silica, esou z.B. eng "Klebefalle" fir den net professionelle Gebrauch.

Repellentien fir op d'Haut fir d'Wanzen ewech ze hale ginn zwar am Internet ugebueden, mee et goufe keng entspreichend Autorisatiounen fir dës Produiten an der EU gefrot, respektiv ausgestallt. Dës Zouloossung géif, niert der Verträglechkeet fir de Mënsch, och déi tatsächlech Wierksamkeet vun dësen Produiten confirméieren.

Säit 2006 gi Fäll vu géint Insektiziden resistenten Bettwanzen beschriwwen.

Eng Iwwersiicht iwwert chemesch a virun allem alternativ net-chemesch Bekämpfungsmethoden wéi z.B. thermesch Behandlungen sinn an dem Artikel "*Historical and Contemporary Control Options Against Bed Bugs, Cimex spp.*"¹ publizéiert.

¹ *Historical and Contemporary Control Options Against Bed Bugs, Cimex spp.*
Vol. 68:169-190 (Volume publication date January 2023) <https://doi.org/10.1146/annurev-ento-120220-015010>
Lethal Effects of Heat and Use of Localized Heat Treatment for Control of Bed Bug Infestations
Journal of Economic Entomology, Volume 102, Issue 3, 1 June 2009, Pages 1182–1188, <https://doi.org/10.1603/029.102.0342>
Temperature and Time Requirements for Controlling Bed Bugs (Cimex lectularius) under Commercial Heat Treatment Conditions
Insects 2011, 2(3), 412-422; <https://doi.org/10.3390/insects2030412>

3. Ass der Madamm Gesondheetsministesch bekannt, ob et och e Bettwanzepronbleem an eiseu Spidolssecteur gëtt?

D'Spideeler hunn op Nofro keng Präsenz vu Bettwanze gemellt a si hu Prozeduren en place fir dee Phänomen ze verhënneren.

Lëtzebuerg, den 19. August 2024
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit